

(La séance publique est ouverte à 09.01 heures.)

1. Ouverture de la séance publique

M. Fernand Etgen, Président de séance | Ech maa-chen d'Sitzung op.

De Fliger huet de President gëschter Owend am Stach gelooss.

Plusieurs voix | O!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Mee ech denken awer, datt en de Mëtten erëm hei ass.

2. 8383 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2024 [...]

8384 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2023-2027 (suite)

Programme de stabilité et de croissance (PSC) et programme national de réforme (PNR)

Wéi scho gëschter ugekënnegt, héiere mir de Moien den Exposé vum Här Finanzminister Gilles Roth esou- wuel iwwert de Staatsbudget fir d'Joer 2024 an iwwert d'Programmation financière pluriannuelle wéi och iwwert de Stabilitéits- a Wuesstumsprogramm, de PSC. Här Finanzminister, Dir hutt d'Wuert.

Exposé des projets de loi 8383 et 8384 et présentation du programme de stabilité et de croissance (PSC)

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, virop merci der Madamm Rapportrice, déi elo aleeft, dem Diane Adehm, der Presidentin vun der Budgets- a Finanzkommissioun, fir hire mëndlechen an och schrëftleche Rapport. E Rapport mat interessanten Denksteiss fir d'Zukunft vun eiser Finanzplaz a fir d'Diversifikatioun vun eiser Economie. E Rapport mat enger staarker perséinlecher Handschrëft fir eis Finanzplaz, jo, e Bekenntnis der- zou, dass eng kompetitiv Economie och eng attraktiv Finanzplaz brauch, dës, fir e staarke Sozialstaat am Endeffekt ze finanzéieren, e Bekenntnis eigentlech zu de Käroorientatiounen vun der Budgets- a Finanzpolitik vun dëser Regierung. Merci duerfir der Rapportrice fir wäertvoll Iwwerleeungen an och fir hiren Zäitopwand.

Une voix | Très bien!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Aus eegener Erfahrung weess ech, wéi och aner Kollegen heiban- nen, wiwill Reunione, Gespréicher an Aarbecht han- nert esou engem Rapport stiechen. Är Ouschtervakanz, Madamm Adehm, war dës Joer Schaffen a Schreiwen. Är Aarbecht huet sech awer gelount an d'Éier vun dësem Budgetsrapport ass Är. Merci duerfir.

Une voix | Très bien!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | Merci awer och allen Institutionen a Beruffskummere fir hir Iwwerleeungen. Dës wäerten net nom Vott vum Budget vergess ginn. Si wäerten eis och nach weider an der Zukunft beschäftegen. All dës Rapporten an Avisa be- lichten de Budget ënner verschidde Perspektiven. Si droen zu engem méi breeden demokrateschen De- bat bái.

Nach emol virewech: Dës Regierung steet fir eng responsabel Budgetpolitik. E Budget, deen engem schwierigen Émfeld Rechnung dréit. E Budget, deen dem Bierger Vertraue gëtt. Intelligent an zukunfts- orientéiert Investéieren. Ausgaben, déi an hiren Pro- gressioun gebremst ginn. Keen Ofwierge vun dem

duussen Opschwonk, dee mer aktuell gesinn, mee breet Ënnerstützung, do, wou et Sënn mécht, an do, wou et néideg ass.

Keng Aschnëtter mat der Briechstaang, mee eng Stra- tegie, wéi och zum Beispill vum Staatsrot gefrot, déi eis Staatsfinanze mëttelfristeg och ofsécher, eis deen Handlungsspillraum garantéiert, dee mir brauchen, fir d'Erausforderunge vun der Zukunft unzegoen. Dat entsprechend och de Virgabe vun der Europäescher Unioun an hire lännerspezifischer Recommendation, wou se gefuerdert huet, mir sollten eis eng Budgetsstrategie ginn, déi eis et erlaabt, mëttelfristeg „on track“ – dat heescht an der Linn – ze bleiwen, dat Ganz kombinéiert mat deenen néidegen Investitiou- nen an och Reforme fir en nohaltege Wuesstum.

Fouss bei Mol halen, net iwwerall d'Ham an der Mël- lech kachen, net iwwerall déi héchsten an deierste Standarde bei öffentleche Bauten uwenden, awer och weider an d'Zukunft vun eise Land investéieren. Also Prioritéite bei dem Invest, also eis Betriber stäer- ken, also d'Bierger entlaaschten, Vertraue schafen, dat och besonnesch an dësen onsécheren Zäiten, an deene mir eis befannen.

Jo, mir beweegen eis an onsécheren Zäiten an net eréischt säit haut, mee zënter e puer Joer, an hoffent- lech net méi laang. E Krich un der Grenz vun Europa, eng Kris am Noen Osten, déi sech zouspëtz. Dësem Émfeld musse mir och budgetär Rechnung droen. Dës Émfeld beaflosst ganz einfach eise Budget an dës Émfeld huet och en Impakt, en Impakt op d'Kaf- kraaft vun eise Bierger, en Impakt op eis makroeko- nomesch Daten an och en Impakt op d'Aktivitéit vun eise Betriber, an domat eeben och grad op eis öffent- lech lëtzebuergesch Staatsfinanzen, dat souwuel bei den Einnahme wéi och op der Ausgabesäit.

Gesond Staatsfinanze sinn de Garant fir d'Stabilitéit an eise Land, fir de sozialen Zesammenhalt, grad elo an dëse Krisenzäiten. Stabilitéit a Vertrauen, dat och mat enger mëttelfristeger budgetärer Zilsetzung, nämlech där och vun engem nationalen Objectif à moyen terme. Dese wäert an Zukunft Bestanddeel vun eiser Budgetpolitik sinn, dës, fir de budg- etären Erausforderunge vun eise Land mëttel- a laangfristeg Rechnung ze droen. An ech wäert och dorobber nach weider herno zrëckkommen.

Här President, erlaabt mer als Éischt e Bléck op dat internationaalt Émfeld, an deem mir eis beweegen, duerno eng Rei Bemierkungen zum Budget selwer an zum Schluss e kuerze Rappel vun enger Rei vu Priori- téite vun dësem Budget.

Zum internationalen Émfeld: Wa mir vum Budget schwätzen, wa mir vun der Entwécklung an Europa schwätzen, komme mir net derlaanscht, e Bléck op d'Ukrain ze werfen. Dese Krich huet och Auswier- kungen op eist Land, op eis Economie, op eis Gesell- schaft an och op eisen Alldag, esou zum Beispill op d'Präisentwécklung bei den Energieprodukter, esou zum Beispill um Niveau vum Accueil vun de Leit, déi hiert Land hu misse verloossen, esou zum Beispill op d'Ausgabe bei der Verdeedegung. Lëtzebuerg – ech soen et kloer! – ënnerstëtz d'Ukrain. Ech hunn dat och nach eemol bei menger Visite d'lescht Woch bei dem Internationale Wärfong zu Washington zum Ausdrock bruecht.

Zanter dem Ufank vum Konflikt hu mir mat ronn 700 Milliounen Euro d'Ukrain ënnerstëtz, nämlech 328 Milliounen Euro u finanzieller Ënnerstëtzung, direkt an indirekt Hëllef, Zousoen u Präten iwwert d'Europä- esch Unioun an och aner international Hëllefoprogram- mer. 190 Milliounen Euro u militärescher Hëllef; 120 Milliounen Euro – jo, 120 Milliounen Euro! – fir den Accueil vun de Leit, déi hiert Land hu misse verloossen,

29 Milliounen Euro fir d'Scolarisatioun vun ukrai- nesche Kanner, 29 Milliounen Euro och un humanitä- rer Hëllef fir den Neesopbau.

De 4. Abrëll huet d'NATO 75 Joer gefeiert. Haut si mir eis der Bedeitung vun dësem Bündnis vläicht nach e bësse méi a besser bewosst wéi gëschter, besonnesch fir e klengt Land. D'NATO bleift de Garant fir déi mili- täresch Sécherheet. Lëtzebuerg ass Grënnungsmem- ber vun der NATO. Mir wëllen a mir wäerten och weider e staarke Partner an der NATO sinn a bleiwen. Dës spigelt sech och bei de Militärausgaben erëm.

Jo, d'Integritéit vun eise Territoire, d'Integritéit vun de Grenze vun der Europäescher Unioun, d'Verdeede- gung vun deene Wäerter, fir déi eis Virfare laang ge- kämpft hunn, alles dat huet säi Präis, alles dat kascht. Duerfir och den Effort de défense, dee vun 0,77 % vun eise Bruttoinlandsprodukt, déi ursprüngelech virgesi waren, op 0,83 % eropgaangen ass – direkt, also 48 Milliounen Euro méi wéi ursprüngelech virge- sinn. An ech schlëssen haut, ech soen dat kloer an därelech, net aus, datt eis Trajectoire beim Effort de défense kuerzfristeg virgezunn an no uewen uge- passt gëtt, jo, muss ginn.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | International Rendez-vous stinn un. Lëtzebuerg iwwerhëlt do seng Verantwortung. Am Total am Budget vun dësem Joer: 696 Milliounen Euro, dovunner 144 Milliounen Euro, e Plus vun 13 %, fir d'Armée, 291 Milliounen Euro fir de Fonds d'équipement militaire, 193 Milliounen Euro fir d'Direction de la défense, e Plus vun 12 %.

Och de Budget fir d'Cyberdefence, dee geet erop. Bei eiser Defense a bei eiser Armée aleng fir d'Joer 2024 e Budget vu méi wéi 15 Milliounen Euro, eng Verdräi- fachung am Verglach zum Joer 2023.

Beim HCPN, dem Haut-Commissariat à la protection nationale si ronn 5 Milliounen Euro méi agedroen, e Plus vun 12 %.

Da geet d'Bedeedegung vum Staat un de Fonctionne- mentskäscht vum Luxembourg House of Cyber- security och an d'Luucht vun 3,4 Milliounen Euro – de Wirtschaftsminister sëtzt hei – am Joer 2023 op ronn 3,8 Milliounen Euro fir den Exercice 2024, och do eng Hausse vun 11 %.

An dann hunn d'DDoS-Attacke vun deene leschte Wochen op de Staatsreseau eis gewisen, ewéi wichteg et ass, den nationale Scrubbing Center weider aus- zebauen, ewéi wichteg et ass, den Internetreseau vu kriteschen Infrastrukturen op Anomalien an Attacken ze iwwerwaachen. Preventioun ass hei d'Stéchwuert, awer och Detektioun fir eng séier Reaktioun.

Zum budgetären a makroekonomeschen Émfeld: Déi geopolitesch Ongewësseheet, vun där ech elo geschwat hunn, huet Auswierkungen op eist makroekonomesch Émfeld. D'Zuele verbessere sech a verschidde Be- räicher lues – net schnell, mee hoffentlech konstant an nohaltege. 2023 hu mir e Réckgang vum Bruttoinlands- produkt vun 1 % kannt. De Statec huet en esouguer am Mäerz 2024 op minus 1,1 % fir d'Joer 2023 geschat. 2024 kréie mer, nach ëmmer laut de Previsiounen vun dem Statec, dës Kéier e Wirtschaftswuesstum vun 2 %, manner wéi nach am Stabilitéitspakt 2023 – a mir kréien haut nach d'Geleeënheet, fir doriwwer ze schwätzen – vum leschte Joer virusgesot. Deemoos hat de Statec nämlech e Plus am Wirtschaftswues- tum vun 3,8 % fir d'Joer 2024 virusgesot. Wéi gesot, dat sinn d'Zuele vum Statec. Dat sinn och déi Zuelen, op déi, wéi an der Vergaangenheet iwwert déi lescht Joerzénge, ëmmer de Budget opgestallt gëtt.

Manner optimistes, soen ech och, weise sech – tradi- tionell, kéint ee bal soen – international Institutionen.

Den FMI, also den Internationale Währungsfond, rechent mat engem Wuesstum vu plus 1,3 % am lafende Joer. D'Europäesch Kommissioun geet an hire leschte Projektionen och vun engem Plus vun 1,3 % – mengen ech, dat ass virsichteg – fir dëst Joer aus.

Den Emploi, also d'Beschäftegung, geet mat 1,3 % dëst Joer nëmme lues weider. De Chômage taux, dee läit – dat muss ee soen – iwwert der historischer Moyenne, mat 5,9 %. A wann Der rezent Statistike kuckt, leie mer och do méi héich wéi aner Länner.

Et gëtt awer och Lichtblécker. D'Inflatioun kréie mir an Europa, awer och zu Lëtzebuerg no an no an de Grëff. De Statec rechent fir 2024 mat engem Inflatiounstaux vun 2,2 % – en Taux, deen och eisen nationale Rechnungshaff, also d'Cour des comptes, deelt. D'EU-Kommissioun geet mat plus 2,6 % vun engem nach liicht méi héijen Inflatiounstaux fir Lëtzebuerg aus. A fir 2025, do rechent de Statec ouni – ech betounen dat: ouni – den Energiepräisdeckel mat engem Inflatiounstaux vu bis zu 3,3 %. Duerfir wäert dës Präisdeckel net vun haut op muer – an ech soen dat ënnert der Kontroll vun dem Wirtschaftsminister – ofgeschaaft ginn. Bien au contraire, d'Regierung, a virop de Wirtschaftsminister, schafft, wéi en dat och gesot huet, un engem progressiven Auslafen am Laf vum Joer 2025 vun dëser Hëllef, dës gemäass och de Recommendationen vun der Europäischer Kommissioun an der Europäischer Zentralbank, wou ech muss soen, déi schonns verlaangen eigentlech, dass mer 2024 géife mat den Hëlfelefen ophalen. Mee ech mengen, mir mussen och responsabel am Interessi vun der sozialer Kohäsioun a méinst der Belaaschtung vun de Leit do handelen. Dat ass wichteg. Dat schafft Previsibilitéit fir d'Betriber, awer och virun allem fir d'Leit, déi wëssen, wann d'Gas- an d'Elektreschrechnungen kommen, dass dat schonn eng substanzuell Belaaschtung ass fir hiren Haushaltsbudget.

E Lichtbléck, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass och d'Zenspolitik vun der Europäischer Zentralbank. Fir déi fënnfde Keier hannertene gouf et keng Hausse méi, zumindest dat net. Rezent Aussoe vun der Presidentin vun der Europäischer Zentralbank, awer och vum Gouverneur vun der Lëtzebuurger Zentralbank, dem Här Gaston Reinesch, deiten eng éischt Baisse vun de Leetzense ronderëm de Summer un. Dëst hätt wuel en Afloss op eise Wuesstum an domadder och op eise Budget. An ech kommen heirobber nach zréck.

D'Eckdate vum Budget hat ech scho virgestallt, duerfir am Telegrammstil: Jo, am Zentralstaat, also deem, wat den eigentleche Kärstaat ass, schreie mir nach ëmmer rout Zuelen – net, well ech „Roth“ heeschen, mee well et einfach esou ass.

(Hilarité)

D'Defiziter fir d'Period 2023–2027 sinn am Zentralstaat awer manner héich, wéi nach an dem PSC, dem Plan de stabilité et de croissance, vum leschte Joer erwaart. Den Iwwerschoss vun der Sozialversicherung, der Sécurité sociale, geet, Stand haut – Stand haut! – awer progressiv erof duerch, wéi ech virdu gesot hunn, manner Emploi, awer och duerch vill Ofgäng an d'Pensioun. Doduerch gëtt et och eng manner gutt Entwécklung um Niveau vun de gesamtëffentleche Finanzen, well mer jo do mussen de Staat, d'Sécurité sociale an d'Gemengen zesummenzielen, wéi nach an dem PSC, dem Stabilitéitsplan, vun 2030 virgesinn.

Ee Wuert zum Defizit vun 1,9 Milliarde bei der Zentralverwaltung: eng Progressioun, jo, vun 260 Milliounen Euro par rapport zu 2023, awer manner Progressioun wéi tëschent 2022 an 2023. Eng Hausse, déi sech duerch déi allgemeng Präisdeierecht erkläert, duerch

d'Moosnamen an dem Solidaritéitspakt 3.0, déi mer an enger grousser Majoritéit hei zesummen an der Chamber no den Tripartitt-Diskussiounen gestëmmt hunn, den Energiedéisch an och d'Moosnamen an dem Wunnengsbau, awer och – an dat soen ech kloer – duerch d'Adaptatioun vun dem Steuerbarème un d'Inflatioun. Gläichzäiteg eng Baisse – an dat soll een och ënnersträichen – vun 1,6 Milliarden Euro am Verglach zu den Zuelen, déi virlouche bei der Regierungsbildung zu Senneng – als Erklärung dozou. Eng gutt Entwécklung vun der Recettësäit Enn 2023, déi sech och dëst Joer bemierkbar gemaach huet. E Méindeg hunn ech dat mat konkreeten Zuelen an der Budgets- a Finanzkommissioun, och an der Budgets-kontrollkommissioun ënnert der Présidence vum Här Fayot, duergeluecht. D'Efforten awer och um Niveau vun der Ausgabesäit, dëst ouni alles ze sträichen – dat ass guer net d'Intentioun –, mee doduerch och, datt mat mir mat alle Ministeren, an ech ënnersträichen dat, duerch de Budget gaange sinn: e kollektiven an och en éierlechen Effort vun der ganzer Regierung!

Op der Recettësäit: Déi positiv Tendenz, déi mer Enn 2023 gesinn hunn, bestätegt sech fir déi éischt dräi Méint och dëst Joer, besonnesch eng Hausse vun 11,6 % bei den direkte Steieren an hei bei der Kierperschaftssteuer, déi d'Betriber bezuelen, bei der Gewerbesteier, déi d'Betriber bezuelen, an awer och bei der Lounsteuer trotz der Adaptatioun vun dem Steiertarif, awer och – an dat ass erfreenlech – e Plus vu 5,6 % bei der Enregistrements- a bei der TVA-Verwaltung. A mir si ganz zouversichtlech, d'Virgaben aus dem Budget um Enn vum Joer, sauf incident majeur, kënnen ze erreechen.

Jo, ech verweisen hei op de leschte Vertrauensindex vun de Verbraucher vun der Zentralbank: eng positiv Grondstimmung beim Bierger, wat déi wirtschaftlech Lag um Land, awer och hir eege finanziell Situatioun uegt.

Dann eis Finanzplaz: Si schléit sech gutt am internationale Verglach. Am Global Financial Centres Index leeë mir véier Punkte bäi. An d'Resultater vun de Banken – d'Madamm Adehm ass gëschter dodrobber agaang –, déi loosse sech och weisen: déi lescht Joren eng Hausse vu 45,1 % viru Provisiounen a Steieren, eng Hausse vu 67,3 % bei den Nettoresultater vun de Banken op der Lëtzebuurger Finanzplaz, dat Ganz bei – gëschter ass et gesot ginn – 51.591 Aarbechtsplazen, Stand haut, am Finanzberäich. Eng Finanzplaz, déi weesentlech zum Wuelstand vum Land bäidréit. Eng Finanzplaz, där hir Kompetitivitéit mir fest am Bléck hunn. Mir wäerten hir dee Kader schafen, dee si fir hir Entwécklung brauch. Alles anert wier mam Feier gespillt.

Une voix | Très bien!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | D'Wichtigkeet vun der Finanzplaz weist awer och – an d'Rapportrice, d'Madamm Adehm, huet dat zu Recht ënnerstrach – d'Noutwendegkeet, nei Standbee fir eis Economie ze schafen. An dat läit net nëmme u Google – fir et emol esou auszedrécken. D'Recettë lafen also weiderhi gutt. Dorop kann een och opbauen.

Op der Ausgabesäit: D'Ausgabe wuesse weider. Jo, ech soen et, d'Ausgabe wuesse weider, fir d'Kafkraaft vun de Leit ze erhalen, fir eis Betriber ze stëtzen an ze ënnerstëtzen, fir eis Investissementer héich ze halen. An d'Chambre des Métiers, also d'Handwierkerkummer, begreisst dëst ausdrécklech.

Mee eis Ausgaben, dat soen ech awer gradesou kloer, wuesse manner séier wéi déi d'lescht Joer. 2023 hate mir eng Progressioun vun den Ausgabe vun 11,5 %, 2024 viraussiichtlech vu 7,6 %. Dat ass nach ëmmer e Plus. Ech hunn ni eppes aneres gesot. An trotzdem gëtt op där enger oder anerer Plaz versicht, et dann aneschtens duerstustellen.

Wat hunn ech de 6. Mäerz hei op der Chambertribün gesot? „Efforte sinn [...] um Niveau vun de lafenden Ausgaben, de Fonctionnementskäschte gemaach ginn. D'Progressioun ass hei am Verglach zu de Virjore manner staark.“ Dir gesitt also, dass hei Efforte gemaach goufen. Dat ware meng Wiederer.

Et ass wichteg, dat Ganz an de richtege Kontext ze setzen. Dat waren net déi 2,4 Milliarden Euro Defizit beim Zentralstaat, déi am Stabilitéits- a Wuesstumsprogramm 2023 ausgewise goufen. Neen, dat waren 3,6 Milliarden Defizit, déi an der Note au formateur stoungen, also dem Kassensturz, deen d'Regierung bei hirem Untrëtt virgeluecht krut. An déi Efforte vun der Regierung situéiere sech genee an deem Kontext.

An ech nennen Iech och konkret e puer Beispiller: Am Finanzministère, fir deen ech dann am Numm vun der Regierung responsabel sinn, si ronn 320 Milliounen Euro manner ageschriwwen ginn, dat virun allem, well decidéiert gouf, nei Gebailechkeete fir Staatsverwaltungen prioritär ze lounen an net alles ze kafen. D'Präisser, Dir Dammen an Dir Hären, vu 15.000 Euro de Meeterkaree fir Bürosgebaier um Kirchberg musse leider och der Vergaangenheet ugehéieren.

An der Fonction publique si ronn 74 Milliounen Euro manner ageschriwwen ginn, dat virun allem, well manner Astellunge gemaach goufen, wéi an der Trajectoire an der Note au formateur virgesi war.

D'Artikelen am Ëmweltministère si mat ronn 121 Milliounen Euro manner dotéiert. Engersäits gëtt d'Bedeelegung vum Staat um Invest vum der SEBES an Héicht vu ronn 66 Milliounen Euro op eng méi laang Period gestreckt. Anersäits goufe 55 Milliounen Euro manner a Spezialfongen agespeist, dat duerch eng méi realistesch Budgetaschätzung.

An dem Landwirtschaftsministère ass de Fonds d'orientation économique et sociale mat 10 Milliounen Euro manner agespeist ginn ewéi an de vi-regte Previsiounen virgesi gouf.

D'Käschte fir d'Planifikatioun an den Aménagement zu Gewerbezone sinn an dem Wirtschaftsministère ëm ronn 25 Milliounen Euro no ënne revidéiert ginn.

De Budget vum Sportsministère ass ronn 35 Milliounen Euro manner héich ausgefall, dat besonnesch well Infrastruktuurarbechte manner schnell virukommen.

De Projet vun enger Maison de santé et des sports zu Esch-Belval ass am Gesondheitsministère no hanner geréckelt ginn. D'Helpline Santé, e Projet, dee virun allem am Kontext vun dem Covid gebraucht gouf, ass aus dem Budget erausgeholl ginn.

D'Acquisitioun an den Transport vu Spezialgefrierer fir eis Verdeedegung am Mali, am Niger, am Burkina Faso konnten aus dem Budget erausgeholl ginn – 2,3 Milliounen Euro –, well se entweder net direkt gebraucht ginn oder just gelount ginn.

Fazit: D'Budgetssituatioun ass besser wéi nach virun e puer Méint beim Untrëtt vun dëser Regierung.

Mee domat ass et net gedoe fir eng responsabel Budgetpolitik. Mir wëllen eng Budgetpolitik mat engem positive Schéiereffekt ab dem Joer 2025, mat enger klorer Prioriséierung vun Investitiounen an Zukunftsberäicher, mat engem nationalen Objectif à moyen terme, dem OMT.

De positive Schéiereffekt, d'Tendenz, déi mir usteieren, ass kloer. Den negative Schéiereffekt, also e méi staarkt Uwuesse vun den Ausgaben am Verglach zu den Einnahmen, gëtt 2024 méi kleng ewéi 2023. Vun enger Differenz vun 1,9 Prozentpunkten 2023 gi mir dëst Joer op nach 0,5 Prozentpunkten erof.

2025 schaffe mir un engem positive Schéiereffekt. Eis Einnahme wuessen dann – hoffentlech – méi schnell wéi eis Ausgaben.

D'Einnamen hu sech déi éischt dräi Méint vum Joer, an dat krut Der e Méindeg virgeluecht, gutt entwéckelt. Och d'Ausgabe klamme weider, mee manner schnell wéi déi lescht Joren. Déi eng Beruffskammere verlaangen an hiren Avisen zu dem Budget 2024 méi eng virsiichteg Finanzpolitik mat manner héijen Ausgaben. Déi aner verlaangen an hiren Avisa genau de Contraire mat méi héijen Ausgaben.

Déi duerchschnëttlech Progressioun vun den Ausgabe vu 4,9 % iwwert déi nächst Joren, och wann dës Progressioun vu Verschiddenen als virsiichteg agestuift gëtt, dréit deenen onsécheren Zäiten, an deene mir eis befannen, Rechnung. Wéi ginn déi grouss geopolitische Spannunge weider an der Ukrain, am Noen Osten, op anere Plazen an der Welt? Ech hu keng Kristallkugel.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Dir gesitt et: e schwieregt Ëmfeld, fir Previsiounen ze maachen. Dorobber gëtt a bal all Avisa vun de Beruffskammere hingewisen.

De PSC, de Stabilitéits- a Konjunkturpak analyséiert duerfir nieft dem zentralen Szenario, dee Stand haut als dee realisteschten ugesi gëtt, och nach aner Zenarien. An dat ass extrem interessant. Jo, jee no deem, ob mir 0,5 % méi oder manner Croissance hunn ewéi déi 2 %, déi elo virgesi sinn an op déi de Budget och tabléiert, läit den Defizit bei dem Gesamtstaat Enn 2024 bei entweder minus 1,4 %, wann et schlecht geet, oder, wann et besser geet, bei 1 % vun dem Bruttoinlandsprodukt an net méi bei den 1,2 % wéi haut virgesinn. En Ënnerschied, deen ëmmerhin awer bis zu 313 Milliounen en chiffre absolu ausmécht.

A bei der Zëssituatioun ass et nach méi frappant. En aneren Szenario ass nämlech hei mat enger zousätzlecher Baisse vun den Zësen vun 100 Basispunkten, technesch ausgedréckt, praktesch ausgedréckt, vun 1 % op den Zënstaun am Laf vun dësem Joer. An deem Fall géif de Wuesstum dëst Joer net bei 2 % leien, mee bei 3,4 %, den Defizit vum Gesamtstaat wier Enn 2024 dann net bei 1,2 %, mee bei 0,6 % an dat géif ronn 480 Milliounen méi oder manner ausmaachen, jee nodeems, wéi d'Zëssituatioun ass. Ech gi perséinlech dervun aus, ouni an der Glaskugel ze setzen, dass d'Zësen awer bis zum d'Enn vum Joer vläicht wäerten erofgoen.

Also en Ëmfeld, dat eng gewësse Virsicht verlaangt an och eng responsabel Budgetpolitik duerch déi richteg Prioritéitesetzung bei den Ausgaben. Op Dauer packe mir eng järelech Hausse vun 10 % vun de Funktionelementskäschten net. Mir wäerte weider Personal beim Staat stellen, mee weider esou schnell ze wuessen ewéi déi lescht Joren, wäert net méiglech sinn, och, awer net nëmmen, well mir ëmmer méi Schwieregkeeten hunn, iwwerhaupt déi gefrote Profiller beim Staat ze fannen. Mir setzen duerfir verstärkt op d'Digitalisatioun, intern beim Staat, awer och an der Relatioun mat de Bierger.

De Wee eraus aus der Kris bedeit och, de Leit an de Betriber Zukunftsperspektiven opzueechnen. Mir wëllen d'Leit weider entlaaschte mat engem weidere Schrëtt bei der Adaptatioun vun dem Steuerbarème, awer och 2025, wéi et an dem Regierungsprogramm steet, mat éischten Akzenten an der Steuerklass 1a, dat en vue vun enger méi déifgräifender Reform, och, esou wéi et an dem Regierungsprogramm steet, déi Joren duerno, esou wéi dat och an enger Rei vun Avisa gefrot gëtt, zum Beispill am Avis vun der Chambre des Salariés awer och an deem vun der Chambre

des Fonctionnaires. De Betriber gi mir méi Planungssecherheet, kuerzfristeg mat enger Baisse vun der Betriebsbesteuerung.

E kuerze Rappel dann och nach vun enger Rei vu Prioritéiten aus dësem Budget. Zum Wunnengsbau: De Wunnengsbau ass eng grouss Erausforderung, net nëmmen zu Lëtzebuerg, mee mëttlerweile a ville Länner an der Europäescher Unioun. Präisser, déi erofginn: Am véierten Trimester 2023 hu mer e Minus vu 7,6 % bei neien Appartementen am Verglach zum leschten Trimester vun 2022, e Minus vu 14,5 % souguer bei besteeënden Appartementen. Eng Demande, déi staark zrëckgaangen ass: Am véierten Trimester 2023 e Minus vun 72,8 % vun Transaktiounen bei neien Appartementen, dat am Verglach mam véierten Trimester vun 2022, e Minus vun 28,6 % bei besteeënden Appartementen. Duerfir och – an dat muss een och am A behalen, wann ee vu Wunnengsbau schwätzt – e konjunkturbedingte Chômage partiel fir Dealer vum Bausecteur. Verschidden Entreprisë risquéieren, nach dës Woch schlecht Annoncë mussen ze maachen, a mir mussen alles drusetzen, fir Chômage a Failliten hei ze evitéieren.

M. Gilles Baum (DP) | Très bien!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | An duerfir musse mer och, Här Baum, de Marché eebe stabiliséieren. Den FMI, den Internationale Währungsfond, huet dee rezente Moosnamepak – ech soen dat ganz kloer –, dee vun der Regierung, och gekuckt an déi Moosname sinn dem FMI no vill op d'Demande axéiert. Dat ass richtig. Mee déi kucken dat aus engem ekonomesche Standpunkt. Mir hunn awer als responsabel Politik hei och no der sozialer Stabilitéit an der sozialer Kohäsioun ze kucken a mir hu keen Interêt drun, dass vill Leit, déi vu wäit hierkommen, fir am Bau ze schaffen, eist Land verlossen an dass mer, wann et erëm ugekuerbelt ass, dann net méi déi néideg Force fannen, fir bei eis an dem Bausecteur ze schaffen. Well wéi soe mer ëmmer? Wann et dem Bau gutt geet, geet et dem Handwierk gutt, a wann et dem Handwierk gutt geet, geet et dem Land gutt.

M. Laurent Mosar (CSV) | Très bien!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | D'Chambre des Métiers, Dir Dammen an Dir Hären, begréisst och dofir dëse Moosnamepak, deen d'Regierung virgeluecht huet a bei deem ech hoffen, Här President, dass en nach am Laf vun der éischter Hallschent Mee kann hei an der Chamber verabschit ginn. Villes hänkt vun dem zousätzlechen Avis vun dem Staatsrot of. Och d'Chambre des Salariés weist sech mat villen, wann och net allen Dealer – an dat verstinn ech – vun dësem Pak ze fridden.

Fir d'Regierung gëllt et elo, déi kuerzfristeg Moosnamen ze huelen, déi néideg sinn, fir eng Verschäerfung, wéi ech et gesot hunn, vun der Kris am Bausecteur ze verhënneren, fir d'Demande kuerzfristeg och nei unzekuerbelen. Den FMI réit eis, d'Prioritéit op d'Investitiounen an abordabele Wunnraum ze setzen. Dat deele mir. Dat deckt sech mat deem, wat de Staat kuerzfristeg entscheet huet: bal eng hallef Milliard, Dir Dammen an Dir Hären, an de Kaf vu VEFAen, also neie Bauten, virun allem neie Logementer, ze stiechen.

Do derbäi kënnt och eng substanzuell Hausse bei der sougenannter „Aide à la pierre“ vun dem Logementsminister iwwert de Spezialfond Wunnengsbau. Mee eise Pak, deen ass awer méi breet gefächert. Steuerlech Ureizer fir de Kaf vun engem Eegenheim an den Invest an de Locatif, Direkthëlfe fir d'Leit an eng adequat Budgetsenveloppe fir den Ausbau vu Sozialwunnengen: Dëst alles si Moosnamen, fir nees Schwong an de Wunnengsbau ze bréngen, an domat och fir d'Stärkung, wéi ech et virdru gesot hunn, vun

eisem sozialen Zesummenhalt, mam Zil awer, d'Offer iwwer eng Demande, déi eeben net méi do ass, kuerzfristeg nees unzekuerbelen, an dat zäitbegrenzt – soen ech gradesou kloer – mam Zil am Endeffekt, de Personalofbau am Bau ze verhënneren.

D'Aktivitéit huet bei dem besteeënde Bau zënter Januar nees zougeholl, dëst mat der Annonce vun der Regierung hire Moosnamen an dem Logementspak den 31. Januar. Dat ass sécherlech och op de Quart du taux global zrëckzeféieren, eng vun de Moosnamen, déi hëlleft, gradewéi an der Vergaangenheet nees Schwong an de Secteur ze bréngen. D'Cour des comptes freet mat Recht, dass en enke Suivi vun all dëse Moosnamen gemaach gëtt. D'Regierung wäert der Chamber déi entspreichend Informatiounen liwweren.

Am éischten Trimester 2024 ass de Volumen un Immobilienakten, Actes avec mutation immobilière, ëm 9,1 % am Verglach mam leschten Trimester aus dem Joer 2023 eropgaangen. Duerfir wäert d'Regierung weider Moosnamen am Kader vum Logementsdësch huelen, deen de Premier och nach eng Kéier aberuffe wëll.

Och d'SNCI, eis national Kredit- an Investitionsbank, huet hei eng Roll ze spillen. Esou huet d'SNCI direkt am Hierscht 2023 hir Instrumenter un d'Kris am Bausecteur adaptéiert. Dëst erlaabt der SNCI, Lëtzebuerger Betriber, Lëtzebuerger Betriber aus dem Secteur, déi e finanziellen Engpass hunn, ze entlaaschten. D'SNCI kann – dat ass net iwwerall bekannt – bis zu 80 % vum Kredit, deen e Betrib opëhlt, iwwerhuelen. D'Hausbank vum betraffene Betrib iwwerhëlt déi aner 20 %. De Betrib brauch also an enger éischter Phas manner Eegemëttel: SNCI.

Zesumme mat grouse Banken, déi de Wunnengsbau finanzéieren, schafft d'SNCI och weider un zousätzlechen Instrumenter, dëst, fir nees nei Dynamik an de Bau ze bréngen. Fir mech als Finanzminister ass et wichteg, datt all bedeelegt Acteuren zesummeschaffen, hir Responsabilitéit huelen. Dozou zielen de Staat, d'Banken, awer och d'Baufirmen an d'Promoteuren an ech wäert an deem Sënn weider mat hinne am Gespräch bleiwen.

Zu Educatioun, Kanner a Jugend. Jo, et ass jo vill gesot ginn: „Mir héieren näischt Soziales.“ Fir e staarkt Lëtzebuerg och an der Zukunft musse mir weider an d'Bildung investéieren. Eist Land wissst. D'Zuele vun de Schüler pro Joer klammen ëm ee Lycée pro Joer an d'Erausforderunge si villfälteg. Duerfir brauche mir schnell – ech betounen et: schnell! – nei Schoulen a méi Schoulen. Duerfir brauche mir eng Kannerbetreuung, déi adaptéiert ass un d'Liewensgestaltung, déi modern Liewensgestaltung vun eise Familien, an dat – ech soen et kloer – ouni Tabu.

A genee duerfir huele mir dëst Joer an déi Joren duerno ronn véier Milliarden Euro an de Grapp – véier Milliarden Euro! –, fir déi schoulesch Offer fir eis Kanner ze garantéieren, wat eng Hausse och dëst Joer vu 14 % ass. Kanner a Jugendlecher brauchen eng modern Politik, well si sinn eis Zukunft. Duerfir och e staarken Invest an de Kader, an deem se wuessen an och an deem se léieren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Gilles Roth, Ministre des Finances | D'Gesetz iwwert de Schutz vun de Jugendlechen ass dobäi och e weesentleche Bestanddeel a soll och schnell ëmgesat ginn, och wann déi Reform schonns laang ënnerwee ass.

Dann zu sozialer Kohäsioun an Zesummeliewen: D'Sozialtransferte sinn eng grondleeënd

Viraussetzung fir d'sozial Kohäsion an eisem klengen Lëtzebuerg. D'Ausgaben a Famill: Inklusioun an Zesummeliere sinn och net nëmme dem Familljeminister Max Hahn, dee sech vill engagéiert, esou wichteg, mee, ech mengen, dem ganz groussen Deel vun den Deputéierten, ob se do oder do setzen hei am Haus. An duerfir ass och am Budget 2024 e Budget vu ronn 2,4 Milliarden Euro ageplangt. Dat ass eng Hausse vun 10 % par rapport zu 2023. Duerfir, dës Hausse gëtt begrënnert duerch den Nationale Solidaritätsfond, deem dem Familljeminister ënnersteet, deem ëm 13 % op 428 Milliounen Euro opgestockt gëtt, dovunner 230 Milliounen, Dir Dammen an Dir Hären, eleng fir de REVIS – e Plus vun 19 %; d'Zukunftskeess – och de Familljeminister –, fir déi 1,48 Milliarde virgesi sinn, dovunner 71 % eleng fir d'Finanzéierung vun dem Kannergeld; de Budget fir d'Zesummeliere, deem ëm 45 % gehéicht gëtt, 10,5 Milliounen, dat virun allem, fir d'Gesetz vum 1. Januar 2024 iwwert de Vivre ensemble mat Liewen ze erfüllen.

D'Mobilitéit an energieetesche Transition an engem moderne Land: Een zentraalt Element vum Zesummeliere an eisem Land ass och d'Mobilitéit. Mir setzen dobäi op d'Multimodalitéit, dat heescht dorop, souwuel den Individualverkéier wéi och den öffentliche Transport ze verbesseren. Sou investéiere mir an den nächste véier Joer ronn 4,3 Milliarden Euro an d'Schinn an an d'Strooss. D'Mobilitéit douce gëtt och gestärkt mat dem Ausbau vun de Vélosweeër, wat der Madam Backes besonnesch um Häerz läit. D'Mobilitéit besser plangen, dat heescht, eisen öffentliche Transport esou effizient wéi méiglech ze organiséieren. Duerfir ginn dem Observatoire digital de la mobilité déi néideg finanziell Mëttele gestallt.

Autonom an nohalteg: Esou soll och eis Energie produzéiert ginn. Den Ausbau vun erneierbaren Energien ass a bleift eis iewescht Prioritéit – iwwerregens vun der ganzer Regierung. Dat ass weeder einfach nach bëlle. Mir rechnen mat zousätzlechen 152 Milliounen Euro fir d'Präisdeckelung beim Elektreschen. Eng wichteg Enveloppe fir d'energieetesche Transition ass och den europäesche Fond vun dem Recovery and Resilience Facility. Komplizéiert, mee mir schwätze jo och iwwert de Stabilitéits- a Wuesstumspang an duerfir muss ech hei kuerz dorobber agoen. An deem Kontext benotze mir eigentlech d'Suen aus eisem nationale Plang fir d'Reprise an d'Resilienz, fir d'Bierger an d'Betriber um Wee vun der grénger an digitaler Transition ze begleeden.

Hei och eng Kéier: Mir sinn net nëmme Bezueler an d'Europäesch Unioun – och dat soll ee soen –, mee dës Kéier kréie mer och eppes. Ënnert där fréierer Regierung – an dat soen ech – gouf dat richtig gutt ausgehandelt. D'Gesamtenveloppe, déi Lëtzebuerg iwwert de Plang fir d'Reprise an d'Resilienz kritt, beleef sech nämlech op 241 Milliounen.

D'CO₂-Steier féiert zu geschaten Einnahme vun 282 Milliounen Euro. Mee opgepasst: Dës Steier bréngt eis net méi Suen an d'Keess! Zanter dem Pic 2019 sinn d'effentlech Recetten op dem Verkaf vun Diesel a Bensinn réckleefeg gewiescht, mee dat ass eng decidéiert Politik. An dozou steet och déi nei Regierung. Dat ass an der Opposition vun enger Partei, déi elo an der Regierung ass, ënnerstëtzt ginn, an do hält se och Wuert als Regierungspartei.

Trotzdem investéiere mir weider an d'sozial Offideierung vun dëser Tax mat der Aféierung vun dem CO₂-Steierkredit, deem ënnert der fréierer Regierung richtegerweis och agefouert gouf, der Weiderféierung – „Weiderféierung“ soen ech – vun der Energieprim an der Speisung vun dem Klima- an Energiefond mat Recetten, déi eigentlech réckleefeg sinn.

Zum Schluss, Dir Dammen an Dir Hären, nach ee Wuert zur Ausrichtung vun der Budgetpolitik. Fir eis gehéiert d'Afféierung vun engem nationalen Objectif à moyen terme, dem OMT, also enger mëttelfristeger budgetärer Zilsetzung, zu enger responsabiler Budgetpolitik. Dat am Interessi vun de méi jonke Generatiounen. Dat, fir Previsibilitéit ze schafen. Dat am Sënn vun enger éierlecher an transparenter Budgetpolitik. Dat awer och, fir dat internationaalt Vertrauen an eist Land, an eis Finanzplaz ze erhalen. Fir Lëtzebuerg als kleng an oppen Ekonomie mat enger grousser Finanzplaz ass et wichteg, op Dauer gesond Staatsfinanzen ze hunn.

D'Finanzplaz, Dir Dammen an Dir Hären, déi leeft virun allem vun hirer Reputatioun. An dozou gehéiert och vum Staat eng gläwiedeg Budgetpolitik. Dorunner gi mir gemooss. D'Richtung muss also stëmmen, dat duerch en transparenten, novollzéibare Kader. Den europäesche Kader op deem Plang – an d'Europaparlament huet sech jo och geschéit doriwwer ausgeschwat – wäert 2025 elo definitiv änneren. Et wäert kee Stabilitéits- a Wuesstumspak méi ginn. Mir wäerte kee mëttelfristegt budgetäert Zil, keen OMT méi am europäesche Kader fir Lëtzebuerg gesat hunn. Mir kruten dee jo ëmmer gesat, well mer gesot hunn: „Mir mussen e Plus erwirtschaften.“ Firwat? Mee fir der Veralterung vun der Populatioun Rechnung ze droen.

Mir wëllen eis also als Regierung nieft den europäeschen 3 %-Defizit- a 60 %-Schuldereegelen een nationalen Objectif à moyen terme weider ginn.

Ech soe „weider“, well den OMT ass jo eigentlech näischt Neies. Mir hunn dësen Indicateur virun zéng Joer op europäeschem Plang agefouert. An deem Sënn géife mir just dat weiderféieren, wat et schonns gëtt a wat och ënner viregte Regierungen ëmmer bäibehale gouf. An dëst entsprécht och de Recommendationen vun dem Internationale Währungsfond, awer och vun eisem nationale Conseil national des finances publiques, an och vun eiser Zentralbank, iwwert déi si an hirem Avis dës Initiativ begréisst huet.

Dësen OMT soll also gesetzlech verankert ginn. An all konstruktiv Contributioun – Einzelner ware gemaach ginn de leschte Méindeg an der Budgetkontrollkommission – huele mir gären un.

Mir leeën eis domat – an ech wëll dat kloer soen – kee Korsett un. Den OMT bedeit, dass mir op qualitative Wuesstum setzen an d'Sue geziilt ausginn. D'Regelwierk wäerte mir esou gestalten, dat mir op Krisen oder aussergewöhnlech Schocken natierlech flexibel reagéieren kënnen. Et ass wichteg, e Signal un d'Investisseuren ze ginn, dat mir weiderhin eng responsabel Budgetpolitik wäerte bedriewen, Kredibilitéit a Vertraue schafen. Dat wäert sécherlech och zum Bäibehale vun dem Triple-A derzougehéieren an deem zeguttkommen.

Jo, Dir Dammen an Hären, et ass nun eemol esou, dass Fitch, Scope, Moody's a Co dem Niveau vun eiser Staatsverschuldung an dem längerfristige Spillraum eng grouss Bedeutung zoumoossen. Mee si bestëmmen net eis national Budgetpolitik! Dat maache mir heiheim selwer. Awer am Interessi vum Land droe mir den Observatiounen vun der Ratingsagence Rechnung. Dat eeben, fir der makroekonomescher Volatilitéit, där eis oppen Ekonomie duerch hir Gréisst ausgesat ass, ze begéinen.

Zur Konklusioun: Här President, et ass dëst e Budget, deem der Chamber zur Diskussioun an zum Vott virgëleucht gëtt: mat Entlaaschtungen, souwäit et méiglech ass; mat weiderhin héije Sozialleeschungen; mat Investissementer a Land a Leit; mat enger Prioritéit a Beräicher mat Zukunftsperspektiven. A virun

allem geet et drëms, eis Staatsfinanzen op eng Trajectoire ze setzen, déi den néidege finanzielle Spillraum léisst, fir op d'Erausforderungen vun der Zukunft kënnen eng Äntwert ze ginn.

Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Ech ginn Akt vun der Deklaratioun vum Här Finanzminister Gilles Roth. Merci villmools, Här Roth.

Mir héieren elo den Här Minister fir Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus, den Här Lex Delles, fir d'Präsentatioun vum nationale Reformprogramm, dem PNR. Här Delles, Dir hutt d'Wuert.

Présentation du programme national de réforme (PNR)

M. Lex Delles, Ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Merci villmools, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, de Finanzminister ass op déi verschidden Eckdaten, souwuel vum Budget wéi vum PSC, agaangen. Ech géif elo hei d'Eckdate vum PNR maachen.

Mir sinn am Moment an enger ganz spezieller Situation, well mer souwuel de Budget wéi och de PSC an de PNR hei matenee virstellen, op där anerer Säit déi ganz Gouvernance économique am Kader vun dem europäesche Plan budgétaire, structurel à moyen terme wäert ëmgebaut ginn, soudass et och fir d'leschte Kéier ass, dass de PNR ënnert dëser Form hei haut presentéiert gëtt.

Wat awer ganz wichteg ass: dass mer souguer bei dësem PSC-PNR-Exercice, wou mer wëssen, dass mer an enger Phase transitoire sinn, dëst awer zesummen am Dialogue social national maachen, dass mer zesumme mat de Gewerkschaften, zesumme mam Patronat an d'Präsentatioun hei an der Chamber haten, an also och dës Kéier nach deem Exercice esou gemaach hunn, dass mer kënnen weisen, wou mer op déi verschidde Recommendationen vun der Kommission och Äntwerten hunn. Dat am Kader vun de Recommendationen, déi d'lescht Joer gemaach gi sinn.

A verschiddene Länner ass dësen Exercice net méi gemaach gi fir dëst Joer. Et war eis als Regierung awer ganz wichteg, dat och nach eng Kéier hei ganz transparent an der Chamber, mat de Sozialpartner och kënnen ze diskutéieren an och dofir hei an d'Kommission kënnen ze kommen an och haut hei an der Plénière dat kënnen ze weisen. Well et ass en Exercice, wou mer am Fond op déi lescht zwielef Méint kucken, wat d'Recommendatiounen waren, wat ëmgesat ginn ass, an awer och wat d'Äntwerten am Kader vum Koalitionsprogramm op déi verschidden Defie sinn.

De Contenu vum PNR: Do geet et gréisstendeels ëm déi Recommendationen, déi erkläert gi sinn. Et geet ëm d'Beräicher vun der Budgets- a Steierpolitik, de Sozialsystem, déi digital an ekologesche Transition, de Logement, den Transport bis hin zum Schoulsystem.

Dir gesitt also, et ass e ganz vaste Programm. An ech wäert och hei an deenen nächsten zwou Stonnen dann dorobber agoen, fir dat dann alles kënnen ze erklären. Maacht Iech keng Suergen!

(Hilarité)

Ech mengen, dass de Finanzminister scho ganz vill Punkten ugaangen ass an dass mer déi Saachen och kënnen mateneen deelen.

E ganz wichtige Volet ass awer déi makroekonomesche Situation, an där mer eis befannen. De Finanzminister ass drop agaangen. D'lescht Joer, 2023, hate mer eng Rezessioun vun 1 %. An de Statec gesäit och fir 2024 eng Croissance vun 2 % vun eisem PIB vir.

Et muss een dozou soen, dass grad do déi Croissance vun deenen 2 % zwar positiv ass par rapport zu där Decroissance vun 1 %, déi mer am leschte Joer haten, mee awer trotzdem nach ënnert der Moyenne vu Lëtzebuerg vun 3,2 % läit, wa mer d'Moyenne huele vun der Croissance tëschent 1995 an 2022. Dat heescht Croissance jo, mee nach ëmmer méi niddereg wéi an der Period 1995 bis 2022.

Wa mer vun der Rezessioun schwätzen, da gesäit en heiansdo an den Diskussiounen, dass Rezessioun oder eng Decroissance näischt esou Dramatesches wier. Ech perséinlech kenne kee Land, deem et gutt geet, well et an enger Rezessioun ass. Mir hunn och gesinn déi lescht Trimestere vun 2023, wat eng Rezessioun de facto och mat sech bréngt fir d'Wirtschaft an awer och, wéi elo grad nach erkläert ginn ass vum Finanzminister, fir eis budgetär Situatioun.

Mir brauchen also e gesonden an awer och en nohaltege Wuesstum. Dat ass net nëmmen, fir eis Sozialsystemer kënnen ze erhalen an ze stäerken, mee awer och, fir déi massiv Investitiounen a gréng Transitiooun kënnen ze begleeden an och kënnen weiderzefueren eebe grad an deenen Ziler, déi mer eis am Kader vum PNEC zum Beispill gesat hunn.

Mir müssen un deene verschiddene Parametere schaffen, fir d'Produktivitéit eropzesetzen, dat am Wee vun der Digitaliséierung, Digitaliséierung och mam Asaz vun der Kënschtlecher Intelligenz.

Wann ech elo op déi spezifesch Recommendatiounen ze schwätze kommen – ech hunn der just dräi, véier erausgeholl –, dann ass zemoools een Theema en Haapttheema, wou och d'Antworten am PNR mat drop sinn: dat ass d'Erausklammen aus de fossilen Energien.

D'Energietransitioun ass keen „nice to have“, mee et ass eng absolutt Noutwendegkeet, fir dass mer och nach an deenen nächste Joren am Kader vun deene geopolitischen a globale Krisen, déi mer hunn, eise Wuelstand hei zu Lëtzebuerg, an Europa an an der ganzer Welt kënnen erhalen.

Déi rezent Mesürene, déi geholl gi sinn, déi mer eebe grad och hei am PNR erëmfannen, dat si Volete vun deene Constructiounen, déi eng Consommation d'énergie quasi nulle, also décarbonée hunn. Op där anerer Säit de Klimabonus, d'Aidëregimier, fir d'Leit um Wee vun der fräiwëlleger an der energieetescher Transitiooun kënnen ze begleeden. Well et si grad d'Leit, déi mer musse mat op de Wee huelen, fir kënnen déi energieetescher Transitiooun och ëmzesetzen.

Op där anerer Säit awer och d'Engagement, fir stabil an attraktiv Stroumpräisser kënnen ze behalen, och am Kader vun nohaltegen Energiepräisser, fir dass mer och d'Leit mat op de Wee vun de Wärmepumpen, der Elektromobilitéit oder der Elektrifizierung vun der Wirtschaft kënnen huelen. De Pacte Climat fir d'Entreprises, den Ausbau vun den erneierbaren Energien – sief et an der Wandkraaft oder an der Solarkraaft. De Staat muss Virreider sinn. De Staat muss och selwer Virreider sinn a kann net de Leit Obligatiounen dohinnerseetze mat PV-Anlagen oder mat aneren nohaltegen Energien, ouni et selwer och bei sech ze maachen. Dofir, an et ass schonn annonciéiert ginn, déi substanzuell Budgeten, fir eeben och grad doranner – de Staat selwer op senge Gebaier – kënnen ze investéieren.

Op där anerer Säit awer och déi Pilotprojeten, déi mer direkt lanciéiert hunn, fir an de Zone-d'activitéen – also do, wou d'Energie haaptsächlech genotzt gëtt – kënnen eng gemeinsam Notzung vun den Energien ze maachen, well et op där enger Säit eis Reseau schount, op där anerer Säit awer och vill méi e rationelle Gebrauch vun den Energien ass.

Hydrogène: eng vun de Prioritéiten, wou a kuerzer Zäit och de juristesche Kader fir e Gesetz iwwert d'Utilisatioun a wéi mer den Hydrogène op Lëtzebuerg kënnen kréie wäert kommen, mat der Strategie, mat de Froe vun den Transportreseauen, wou mer d'lescht Woch op der Staatsvisitt och nach eng LOI (ndlr: Letter of Intent, lettre d'intention) ënnerschríwen hunn tëschent Creos Lëtzebuerg a Fluxys, fir och kënnen ze kucken, den Hydrogène iwwer Pipelinen op Lëtzebuerg ze kréien.

Mir müssen awer parallel dozou och kucken, eis Capacitéit vun de Leitungen hei zu Lëtzebuerg ze verstärken, wa mer vun der CO₂-Neutralitéit schwätzen. Dofir ass ee wichtige Volet dovun den Network-Development-Plang vu Creos, deen iwwerschaaft ginn ass, fir och do kënnen den neie Realitéiten ze entsprechen.

Awer dozou gehéieren och Projeten, fir de Stroum heihinner ze kréien. Dir wësst, dass mer grouss Leitungen aus eisen Nopeschlänner hunn. Mir selwer zu Lëtzebuerg sinn net autark an der Energieproduktioun. Dofir d'Verstärkung vun der 380-Kilovolt-Leitung aus Däitschland eriwuer, déi eng vun de Prioritéiten ass, fir dass mer déi Energietransitioun och reellement kënnen maachen.

Wa mer vun der Energietransitioun schwätzen, schwätze mer awer och parallel vun der digitaler Transitiooun. Digital Transitiooun, déi mer brauchen, souwuel beim Staat, deen eis hëlleft, verschidde bürokratesch Hürden ofzebauen, op där anerer Säit awer och, de Staat selwer effikass ze digitaliséieren, fir dass de Staat selwer méi séier a méi effikass ka schaffen.

E puer Beispiller, wou mer un der Digitaliséierung schaffen: Dat ass éischters d'Strategie iwwer eng global Numerisatioun vun alle Ministère. An eebe grad do stelle sech och d'Froer vum Zesummespill tëschent den digitalen Outilen, déi mer an deene verschiddene Ministère hunn: d'Elaboratioun vum Prinzipp vum „once only“, e ganz wichtigen Deel och am Kader vun der Simplification administrative.

D'Digitaliséierung bréngt och eng Simplification administrative mat sech, bréngt e Gewinn u Kompetitivitéit an u Produktivitéit an de Betriber, mee och fir d'Leit alleguerten, wa mer eebe grad eis Ministère digitaliséieren, méi séier, méi einfach kënnen zesummeschaffen, wat dann direkt d'Effikassitéit mat sech bréngt!

De Plan d'action national d'inclusion numérique: e ganz wichtige Volet. Et dierf keen op der Säit bleiven, wa mer vun der Digitaliséierung schwätzen. D'Digitaliséierung soll e Gewinn fir jiddweree sinn. Duerfir musse mer och jiddweree kënnen mat abannen, dat eebe grad mat deem Plan national d'inclusion numérique.

Date sinn an enger digitaler Ära d'Gold vu fréier. Dofir ass eebe grad déi Fro vun den Daten, déi mer hunn an der Wirtschaft, déi mer recoltéieren, déi mer kënnen gebrauchen, déi mer musse gebrauchen. Do musse mer och e ganz kloer Kader setzen. Op deene verschiddene Voleten ass dofir an deene leschte Méint dru geschafft ginn, wäert och an Zukunft dru geschafft ginn. Dat ass de Volet vun der „sovereign cloud“ zum Beispill, awer och elo amgaangen: d'Aarbechten, fir déi nei Strategie oder d'Mise à jour vun der Strategie iwwert d'Innovatioun, baséiert op den Donnéeën, kënnen weiderzebréngen, an awer och eng Strategie am Beräich vun der Quanteninformatik, déi d'Zukunft och wäert mat sech bréngen, déi och nach eng Kéier wäert ganz grouss Changement am Kader vun der Digitaliséierung a vun dem Traitement vun den Date mat sech bréngen.

E weidere Volet am PNR ass natierlech de Logement. Ech wëll ganz kuerz drop agoen. D'Disponibilitéit vu bezuelbarem Wunnraum ass entre-temps e

Standuertfacteur op där enger Säit, deen awer och zu der nohalteger Entwécklung vun eisem Land bäidréit. D'Schaffen a Wunne beieneebrénge funktionéiert awer nëmmen, wann och genuch Wunnraum do ass an déi urban Gebidder och gutt ugeschloss sinn. Dofir ass ganz séier de Logementsdësch mat wäitreichende bürokratesche Vereinfachungen decidéiert ginn.

De Chômage partiel fir d'Constructioun ass opgemach ginn. De Finanzminister huet et virdru scho kuerz ugeschwat: Et war eng vun deenen éischten Decisiounen, déi déi Regierung hei geholl huet, fir de Chômage partiel fir de Secteur vun der Constructioun opzemaachen.

Et war e ganz wichtigen Deel, well déi Aarbechtsplazen, déi riskéiert hätten, duerch en Netopmaache vum Chômage partiel am Secteur vun der Constructioun mat sech bruecht hätten ... Et hätt mat sech bruecht, dass wann eng Reprise erëm do wier, mer net genuch Aarbechtsplazen hei zu Lëtzebuerg, net méi genuch Leit gehat hätten am Secteur, déi jo och kéinten d'Erausfuerrunge vun der Constructioun vum Logement begleeden.

Net genuch Leit heescht net genuch bauen. Net genuch bauen heescht net genuch Logement. All Wunneng, déi haut net gebaut gëtt, ass eng Wunneng, déi muer feelt. Dofir war et wichtig, de Chômage partiel ganz limitéiert ... A mir hu ganz gutt dorobber opgepasst, fir en ze limitéieren, souwuel an der Zäit wéi fir déi Leit a fir d'Secteuren, fir déi et ass. Mee et war e wichtige Schratt, fir dass mer och kënnen, wa mer aus där Kris hei vun der Constructioun erausginn, och nach d'Leit hunn, déi kënnen schaffen.

Une voix | Très bien!

M. Lex Delles, Ministere de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme | Am Januar ass e Moosnamepaquet virgestallt ginn, fir awer och d'Privatpersounen an de Bausecteur duerch Subsidien, steierlech Mesürene ze ënnerstëtzen, fir dass och nach gebaut gëtt hei zu Lëtzebuerg, dass mer och nach baue kënnen. A mir gesinn ... Déi neisten Zuele vun der Banque Centrale oder vun deenen aneren Acteuren weisen eis, dass mer lues a lues spieren, dass eng Reprise an de Secteur kënnt. Et ass eng ganz kleng. Et ass e kleng Sprössling, deen do ass, mee mir gesinn awer, dass ee kënnt. Da kommt mir héijen deen a mir kucken, dass en erëm wiisst.

Mir sinn nach wäit ewech vun deem, wat mer virun der Kris haten. Mir gesinn awer, dass net méi all d'Tendenzen no ënne weisen, mee dass eng ganz kleng Reprise ass.

Ech wëll nach ganz kuerz just op verschidde Mesürene ze schwätze kommen, déi Deel si vun der Ëmsetzung vum europäesche Sockel vun de Sozialrechter. Verschidde Mesüre sinn adaptéiert gi beziehungsweise verlängert ginn, fir d'Kafkraaft vun de Leit ze stëtzen, an dat besonnesch fir déi Schwächsten an eiser Gesellschaft. D'Verlängerung fir 2024 vun der Allocation de vie chère an der Energieprimm fir Stéit mat nidderem Akommes, d'Weiderféiere vun der Indexatioun vun den Allocations familiales, d'Kompensatioun vun zousätzleche Käschten, déi duerch d'Energiepräishaussen entstane sinn, d'Adaptatioun vum Revenu d'inclusion sociale, de REVIS, a vum Revenu fir schwéier behënnert Persounen, dem RPGH. D'nämmlecht awer och, op den 1. Januar: d'Upassung vum Steuerbarème. Fir d'Aarmut nach méi cibléiert ze bekämpfen, gëtt awer och e Plan d'action national pour la prévention et la lutte contre la pauvreté ausgeschafft. Och do sinn d'Aarbechte schonn amgaangen.

Ganz wichtig Voleten also, fir grad do den Aktiounsplang och kënnen ëmzesetzen, deen tëschent verschiddene Ministère, tëschent verschiddenen

Organisationen muss funktionieren, für dass mer do nach weider Schrittel virukommen.

Dir Dammen an Dir Hären, für ofzeschlüsse just nach eng Kéier als Rappel: Et war für d'leschte Kéier, dass de PNR op déi heiten Aart a Weis esou presentéiert ginn ass. En ass elo 15 Joer esou presentéiert ginn. Ech gesinn, dass et hei verschiddene Leit ganz leed deet, mee ech si mer sécher, dass eeben och mat där neier Gouvernance économique den Dialogue social national op där enger Säit an op där anerer Säit awer och déi Influencé mat deene Recommendationen och nach weiderhin hir Plaz esouwuel am Dialogue social wéi an der Kommission wéi awer och am Debat hei an der Chamber wäerte fannen.

Ech soen Iech Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président de séance | Ech ginn dem Här Minister für Wirtschaft, PME, Energie an Tourismus Akt vu senger Deklaration. Merci villmools, Här Delles.

3. 8383 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2024 [...]

8384 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2023-2027

Programme de stabilité et de croissance (PSC) et programme national de réforme (PNR) (suite)

D'Chamber fänkt elo u mat den Debatte souwuel iwwert de Staatsbudget für d'Joer 2024 an iwwert d'Programmation financière pluriannuelle wéi och iwwert de PSC an de PNR. D'gemeinsam Riedezäit ass nom Modell 5 festgeluecht. Dat heescht, der CSV stinn 155 Minutten zou, der DP 120, der LSAP 105, der ADR 75, deene Grénge 50, de Piraten 37,5, deene Lénke 25 an d'Regierung huet herno nach 50 Minutten zegutt. Et hu sech schon ageschriwwen: den Här Marc Spautz, den Här Gilles Baum, d'Madamm Taina Bofferding, den Här Fred Keup, d'Madamm Sam Tanson, den Här Sven Clement, den Här Franz Fayot an den Här Fernand Kartheiser. An d'Wuert huet elo den honorabelen Här Marc Spautz. Här Spautz, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Marc Spautz (CSV) | Här President. Léif Kolleginnen a Kollegen, 155 Minutten, ...

Une voix | Dat gëtt knapp.

M. Marc Spautz (CSV) | ... dat gëtt dann 13.00 Auer ...

(Hilarité)

... sou ongeféier iwwert den Daum gepeilt, mee ech probéieren, dass mer da kuerz virun 12.00 awer wäerten ...

(Hilarité et brouhaha)

M. Sven Clement (Piraten) | Loosst Iech net stéieren.

M. Marc Spautz (CSV) | ... zum Schluss kommen.

M. Fernand Etgen, Président de séance | Här Spautz, Dir kennt mäin Honger net.

(Hilarité)

M. Marc Spautz (CSV) | Dir wäert mer jo elo net an de Réck bäissen, well de Wollef ass zwar zu Bruechtebaach, awer net an der Chamber.

M. Sven Clement (Piraten) | Also no 12.00 Auer kënnt Der vläicht eleng hei schwätzen.

Une voix | Schon eng hallef Minutt verluer.

M. Marc Spautz (CSV) | Här President, Léif Kolleginnen a Kollegen, für d'alleréischt wëll ech der Rapportrice, dem Diane Adehm, Merci soen, dat eis gëschter op eng impressionnant Aart a Weis hei de Rapport vum Budget für 2024 virgeluecht huet. Et ass ëmmer Coutume, dass de Budgetsrapporter a sengem Rapport ka seng Prioritéiten eraushuelen. Dat war an der Vergaangenheet esou, dat war och elo esou an dofir wëll ech der Madamm Adehm nach eng Kéier am Numm vun eiser Fraktion häerzlech felicitéieren für dee Punkt, dee se gëschter gemaach huet, an dass si och nach eng Kéier drun erënnert huet, wou all déi Suen oder ee groussen Deel vun deene Suen hierkommen, déi mer ëmmer am Budget och verschaffen.

Ech wëll och dem Budgetsminister a Finanzminister Merci soe für d'Presentatioun an och seng Presenz an deene jeeweilege Sitzungen. E war net ëmmer derbäi, wat awer normal ass. Wa mer iwwert d'Avisé vun de Berufschambere respektiv vun den Institutionen schwätzen, ass dat och normal an üblech. Och dofir him ee grouse Merci.

Ech hunn et nach eng Kéier Revue passéiere gelooss. De leschte Rapport vum der CSV für e Budget huet Gilles Roth geheescht. Ech weess net, ob den Här Roth sech däers selwer nach bewusst ass, mee dat war für de Budget vum Joer 2012. An de Budgetsrapporter war den Här Roth an et ass enner anerem och ëm Steieren, ëm Budgetsnorm gaangen. Dat waren déi Haaptpunkte vu sengem Rapport deemools. An duerno – jiddweree weess Bescheid – souze mer an der Opposition an dofir ass et och vläicht e gutt Zeechen, dass dann och des Kéier, nodeem mer d'Chance hunn, erëm an der Regierung derbäizesinn, et den Här Roth war, deen dese Budget am Numm vun der Regierung virgeluecht huet an och him nach eng Kéier villmools merci für déi Aarbecht.

Merci awer och dem Här Roth an dem Här Delles für d'Presentatioun de Moie vum dem PSC an dem PNR, dem Pluriannuellen, wat alles op eis zoukënnt. Mir hate schon an der Finanz- respektiv an der Wirtschaftskommission dodriwwer rieds. Dat ass och ganz wichtig, dass een dat ni aus den Ae verléiert. Budgetpolitik gëtt jo net nëmmer an der Chamber gemaach. Budgetpolitik gëtt jo och op aner Plaze gemaach. Budgetpolitik gëtt an de Gemenge gemaach. D'Budgetpolitik gëtt kommentéiert, säit dem Depot vum Budget, och an der Lëtzeburger Press. Et ginn Table-ronden organiséiert mat Majoritéit an ouni Opposition oder nëmme mat der Opposition an ouni Majoritéit.

Dofir hat ech och leschte Samschdeg voller Spannung eng Stonn an der Mëttesstonn verbruecht, für och mol do ze lauschten, wéi d'Opposition de Budget gesäit an ech wäert mer och erlaben, am Laf vu mengen Ausföhrungen op déi eng oder déi aner Punkten anzegoen. Ech hoffen, dass d'Kollegen net rose sinn, dass ech da vläicht eppes ewechhuelen, wat se duerno wollte soen, mee si hunn et jo schon um Radio gesot, doduerch war et jo dann och scho public. An dofir erlaben ech mer dann, do och déi eng oder déi aner Saach awer och elo schon a menger Ried ze kommentéieren.

M. Marc Baum (déi Lénke) | Für ze kieren.

M. Marc Spautz (CSV) | Majo, Här Baum, ech gleeuwen Iech dat op d'Wuert.

Op déi grouss Zuele vum Budget ass d'Madamm Adehm nach eng Kéier gëschter an hirem Rapport

agaangen an et ass och de Finanzminister gewiescht, deen drop higewisen hat beim Depot an och nach eng Kéier haut de Moien, wéi d'Zuelen ausgesinn. Mir wëssen zanter e Méinden, dass se bëssen aneschtens si wéi déi, déi mer am Budgetsdokument stoen hatten, mee am Budgetsdokument ass iwwert dat gekuckt ginn, wat deemools de Statec gesot huet an dat, wat mer e Méinden an der Budgetskontrollkommission an an der Finanzkommission virgeluecht kritt hunn, dat waren d'Zuelen, déi nom eischte Quartal vun dësem Joer um Dësch lounen an déi dann och e bëssen aneschtens bei der Realitéit si wéi dat, wat virdrun am Budget gemaach ginn ass.

Ech wëll nach eng Kéier drun erënnern, dass et och wichtig ass, dass ee Schwong an déi ganz Diskussion bréngt an dat huet de Finanzminister gesot. Mir brauchen deen néidege Schwong, erëm eng an d'Finanzpolitik eranzekriegen, für dass mer och domadder an eiser Wirtschaft en Opschwung kriegen an dass mer och domadder erëm vläicht besser Zuele kënnen schreiwe wéi déi, déi de Moment do sinn.

Wa mer vu besseren Zuele schwätzen, dann ass dat net, dass déi hei esou extreem schlecht wieren, well wann een dat vergläicht mat verschiddenen Nopeschlänner oder mat anere Länner an der Europäescher Union, sinn d'Zuele vu Lëtzebuerg nach ëmmer gutt, mee si kéinten och, wéi een dat heiansdo an der Schoul ausgedréckt kritt huet, awer besser sinn. An dofir wäerte mer och, an dovun sinn ech iwwerzeegt, déi néideg Politik vun der Regierung a vun dëser Majoritéit an deenen nächste Jore gesinn, für dat och kënnen ze maachen.

Ech wëll och soen, et si jo Leit, déi mengen, den C stéing just für de Prinzip Hoffnung. Den Auteur dovun ass net hei haut de Moien. De C steet net für de Prinzip Hoffnung bei der CSV, mee den C steet bei der CSV für „chrëschtlech“, sou wéi den S für „sozial“ steet an de V für „Volk“. Ech wollt just op dat agoen, well och dat eppes war, wat an där ...

(Interruption par M. Marc Baum)

Jo, mee Här Baum, och dat ass ..., och dat ass ...

M. François Bausch (déi gréng) | Dir schéngt eng ideologesch Partei ze sinn.

M. Marc Spautz (CSV) | O, Här Bausch, ech wollt och nach eng Kéier kucken ... Kuckt mol eng Kéier Är Ried vun 2011 no, well Dir waart deemools de Spriecher vun deene Grénge.

M. François Bausch (déi gréng) | Déi war bestëmmt ganz gutt.

M. Marc Spautz (CSV) | Dat kann ech net beurteilen, mee kuckt se eng Kéier selwer.

(Interruption par M. François Bausch)

Nee, ech hunn alles nogekuckt vun 2011, Här Bausch. Dir wësst, ech ginn ëmmer an déi Saache kucken, well et heiansdo wichtig ass, dass ee verschidde Kollege kann u Saachen erënnern, déi se zu verschiddene Punkte gesot hunn.

M. François Bausch (déi gréng) | Ech stinn ëmmer zu mengem Wuert.

Une voix | Très bien!

M. Marc Spautz (CSV) | Et ass elo wichtig, dass mer kucken, dass mer mëttelfristeg – an dat huet de Finanzminister ennerstrach – d'Schéier zwëschen den Ausgaben an den Einnahmen erëm e bësse méi no zesummebréngen. An dat ass e wichtige Punkt an dat hutt Der och héieren an den Aussoe vun de Pluriannuellen, wat de Finanzminister gesot huet, wat des Regierung wëlls huet, für dass mer den Objectif à moyen terme och erreechen, für dass mer et do